



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Cargolux feiert 2021 hiert d'50järegt Bestoen. 2020 huet Cargolux ee Rekordbenefice vun iwwer 630 Milliounen Euro konnten erzielen. Dëst ass op eng vergréissert Unzuel un Transportflich zréck ze féieren. Déi momentan sanitär Kris huet der Fluchgesellschaft also net geschuet.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert de Klimabilan vu Cargolux vun deene leschte 5 Joer (opgelëscht no Joer)?
Kann d'Regierung den CO2-Ausstouss grad ewéi d'Quantitéit u verbrauchtem Kerosin vun der Cargolux fir déi lescht 5 Joer oplëschten?
2. Zur Bekämpfung vum Fluchlärm um Findel huet d'Ëmweltverwaltung 2020 een Aktiounsplang ausgeschafft gehat.
Gouf am Kader vun dësem Aktiounsplang festgestallt, wéi eng Fluchgesellschaft an der Moyenne pro Vol deen héchste Lärmausstouss huet?
3. Am Kader vun dësem Rapport goufen anscheinend och d'Nuetsflich, déi vum Findel aus gestart sinn, gezielt.
Kënnen d'Ministeren d'Unzuel un Nuetsflich pro Airline uginn?
4. Wäert d'Regierung zesumme mat der neier Verwaltungsrotspräsidentin u konkrete Mesuren zur Verbesserung vun der Klimabilanz schaffen?
5. Wäert déi néi Verwaltungsrotspräsidentin sech dofir asetzen, d'Unzuel un Nuetsflich ze reduzéieren?



Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Député





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **07 JUIN 2021**

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°4194 du 30 avril 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le « Bilan carbone de Cargolux », avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten a vun der Madamm Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, op d'parlamentaresch Ufro n° 4194 vum 30. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen iwwert den CO₂-Bilan vu Cargolux

1. An der folgender Tabell fënnt een d'Klimabilanz vu Cargolux fir d'Joeren 2016-2020, opgeléicht sinn de Kerosinverbrauch, CO₂-Ausstouss, souwéi der Cargolux hiren CO₂-Foussofdrock (carbon footprint) a Fracht-Tonnen-Kilometer (FTK):

Joer	Kerosinverbrauch (t)	CO ₂ (t)	CO ₂ Foussofdrock (kg CO ₂ /FTK)
2020	1.227.625	3.867.001	0,478
2019	1.147.712	3.615.294	0,496
2018	1.165.960	3.672.775	0,485
2017	1.171.112	3.689.003	0,485
2016	1.091.162	3.437.148	0,493

2. Konform zu der *Directive 2002/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 25 juin 2002 relative à l'évaluation et à la gestion du bruit dans l'environnement*, mussen Kaméidiskaarten an Aktionspläng géint de Kaméidi vun de Memberstaten an engem Zyklus vu fënnf Joer ausgeschafft ginn.

Dëst geschitt zu Lëtzebuerg op Basis vun den Dispositiounen vum *Règlement grand-ducal du 2 août 2006 portant application de la directive 2002/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 25 juin 2002 relative à l'évaluation et à la gestion du bruit dans l'environnement*.

Fir den drëtten Zyklus vun der Direktiv si Kaméidiskaarten erstallt ginn, déi representativ fir d'Situatioun vum Flughafen Findel fir d'Joer 2016 op Basis vun den reellen Trafiksdonnéeën sinn, déi awer net no eenzelne Fluchgesellschaften opbereet sinn. Déi Kaarte weisen also d'Gesamtsituatioun vum Kaméidi duerch de Fluchverkéier vum Joer 2016. Well d'Aktionspläng och op Basis vun dësen Kaméidiskaarten opgestallt ginn, gëtt net festgestallt wéi eng Fluchgesellschaft an der Moyenne pro Fluch deen héchste Kaméidiasstouss huet.

3. Nuetsflich, déi vum Findel aus gestart sinn:

Airline	2019	2020	2021
Cargolux	924	967	281
Luxair	588	165	47
LAA	123	121	26
Qatar	70	55	38
Ryanair	48	8	1
Cargolux Italia	38	54	18
Lufthansa	31	0	0
Easyjet	32	13	0
KLM	15	2	1
Silk Way West	13	8	4
British Airways	11	3	0
Autres	58	24	2
Total	1951	1420	418

Am Joer 2021 misst d'Zuel vun den Nuetsflich nach weider erof goen am Kader vun der Erneuerung vun der Pist.

4. Cargolux huet hire "Carbon footprint" tëschent 2009 an 2019 em 4,6% reduzéiert. Als Engagement fir dëse Foussofdruck nach weider ze verbesseren, huet Cargolux d'Prioritéit op d'Réduktioun vum CO₂-Foussofdruck geluecht.

Wéi all aner Airline, preparéiert Cargolux d'Ëmsetze vu CORSIA (*Carbon Offsetting and Reduction Scheme for International Aviation*), dem Programm fir d'Emissiounen vun der ziviller Loftfaart ze kompenséieren an ze reduzéieren, dee vun 2019 un an Tranchen agefouert gouf.

Cargolux kuckt schonn e Schratt weider. Net nëmme sollen déi Emissiounen just ausgeglach ginn, mee et sollen och konkret Aktiounen geholl gi fir eng effektiv Réduktioun dovun fäerdeg ze bréngen an domat den Ëmweltpakt ze reduzéieren.

Cargolux ass och Grënnungsmember vun der SAFUG (Sustainable Aviation Fuel User Group) an huet sech domat engagéiert d'Entwécklung vu Methoden fir eng Accélération vun der Disponibilitéit an enger Käschterréduktioun vun dem Produkt z'ënnerstëtzen. D'Haaptzweck ass d'Benotze vun nohaltege Ressourcen.

Weider Mesuren an deem Beräich kënnen am "Corporate Social Responsibility Report 2019" nogelies ginn, deen um Site vun der Cargolux fräi zougänglech ass: <https://www.cargolux.com/about-us/Corporate-Responsibility/CSR-Report>.

Am allgemengen kann een och nach op dësen "Environmental Flyer" vu Cargolux hiweisen, deen déi verschidde Engagementer an Ziler vu Cargolux a Punkto Ëmweltpolitik nach emol zesumme faasst: <https://www.cargolux.com/about-us/Corporate-Responsibility/environment/Environmental-flyer>

5. Wat d'Nuetsflich ugeet, wäert Cargolux och mat Support vu senger Presidentin, ëmmer no Weeër a Méiglechkeete kucken dës ze reduzéieren, dëst ouni der Nohaltegkeet vun den Operatiounen ze schueden, déi noutwenneg si fir den haitegen a zukünftegen Niveau vun Aarbechtsplazen ze sécheren.

Cargolux huet sech mat der ANA engagéiert, fir déi bescht Uwendung vun den Ausnamen zum Nuetsfluchverbuert festzeelen. Am Kader vum Aktiounsplang géint de Kaméidi, hunn d'ANA a Cargolux 2018 eng "*Charte de lutte contre les nuisances sonores*" ënnerschriwwen. D'Zil vun dëser Charte ass et, d'Nuetsflich an d'Motostester ze limitéieren an déi bescht Methoden a Verhalensweise fir eng Réduktioun vum Kaméidi unzewinnen.